# Voie de Préparation: Ofstellgleis oder reell Chance fir d'Schüler.innen?

An de leschte Méint sinn eng Rei besuergneserreegend Doleancë vun Enseignanten aus der Voie de Préparation un den SEW erugedroe ginn. Si hunn eis vun engem grousse Malaise beim Corps enseignant geschwat. Vill vun den Enseignanten aus der Voie de Préparation hätten d'Gefill, net iwwert genuch Ressourcen ze verfügen, fir de wuessenden Ufuerderunge gerecht ze ginn. D'Erausfuerderungen am Klassesall wieren ëmmer méi grouss an d'Gefill, d'Inklusioun net mat de momentan verfügbare Ressourcë bewältegen ze kënnen, wier wäit verbreet. Och géif de bürokrateschen Opwand ëmmer méi grouss ginn, an dëst ouni ersiichtlechen Notzen um Terrain.

Mir hunn dës Uleies ganz eescht geholl an decidéiert eng Ëmfro ze maachen, fir ee bessert Verständnis vun der Situatioun an de Schoulen ze kréien. Mir hunn dobäi net nëmmen zoue Froe gestallt, mee och Raum gelooss fir Kommentarer a Proposen, fir esou d'Stëmm vun den Enseignanten aus der Voie de Préparation beschtméiglechst mat anzebezéien. Déi héich Bedeelegung un der Ëmfro huet däitlech gewisen, dass d'Theme Wuelbefannen, Beruffsbild, Respekt vum Enseignant an Inclusioun ville Leit um Mo leien an dréngend ugaang gi mussen.

D'Resultater vun der Ëmfro, déi Dir op de follgende Säite fannt, schwätze fir sech. Vill vun den Enseignantë berichte vu Middegkeet, Stress, Iwwerfuerderung, an dat wier op d'Belaaschtung an der Schoul zréckzeféieren. Et ass fir eis als SEW/OGBL kloer, dass et Verännerunge brauch, fir d'Aarbechtsbedingungen an der Voie de Préparation ze verbesseren.

Mir duerfen awer net vergiessen, dass et hei net nëmmen ëm d'Wuelbefannen an d'Aarbechtskonditioune vun den Enseignantë geet, mee och ëm d'Wuel vun de Schülerinnen a Schüler. Ee gesond a gutt funktionéierend schoulescht Ëmfeld ass wichteg fir hiert Léieren an hir Entwécklung. Déi momentan Bedingungen hunn net nëmmen een negativen Afloss op d'Wuelbefanne vun den Enseignanten, mee och op d'Qualitéit vun der Bildung, déi mir eise Schülerinnen a Schüler bidde kënnen.


Et muss eis ophorche loossen, wann, obwuel déi grouss Majoritéit vun den Enseignanten hire Beruff gäre mécht, d'Hallschent vun hinnen de Beruff awer ënnert de momentane Bedingungen net méi ergräife géif. Dat weist ganz kloer, dass d'Konditiounen um Terrain net stëmmen an et dringend Changementer brauch. Dat zemools an Zäite wou mir eng Enseignantspenurie hunn.

Den SEW/OGBL wäert sech net mat der Bestandsopnam zefridde ginn. Mir hunn ee Bréif un de Minister Meisch geschriwwen, fir am Dialog, zäitno, déi néideg Verännerungen um Terrain erbäi ze féieren. Dass Dir zu esou vill bei dëser Ëmfro matgemaach hutt, weist, dass Dir prett sidd, Iech fir déi néideg Verbesserungen um Terrain ze mobiliséieren.


Mir wäerte gemeinsam dofir kämpfen, dass d'Enseignanten déi néideg Ënnerstëtzung a Ressource kréien. Zesumme kënne mir Verännerungen um Terrain erbäiféieren.

# 1. Wien huet matgemaach?


### Alter




### Geschlecht




### Äre Statut an der Educatioun





Et hunn am ganzen 88 Enseignanten aus 19 vun 20 Lycéeë matgemaach, déi d'Voie de Préparation ubidden.


# 2. Wuelbefannen am Beruff

## 2.2 Zefriddenheet a Belaaschtung am Beruff


### 2.1.1 Wéi fillt Dir Iech am Moment an Ärem Beruff?




### 2..1.2 Wéi belaascht fillt Dir Iech aktuell an Ärem Beruff?




### 2.1.3 Wéi wäit sidd Dir aktuell an Ärem Beruff zefridden?




### 2.1.4 Auswäertung vun de Kommentaren

*Bei de fräien Äntwerte koumen nach follgend Äntwerten (liicht regroupéiert) dobäi*




Aus de Kommentare geet kloer ervir, dass virun allem den ëmmer méi heterogene Klassegrupp an den héijen administrativen Opwand belaaschtend sinn. Eng Rei Enseignanten hunn d'Gefill, de Besoine vun de Schüler.innen net méi gerecht ze ginn.

*Zitater:*

*„Et kann een net méi korrekt schaffen an der Voie de Préparation."*

*„Dat Administratiivt ass ze vill gefrot. Déi Servicer, déi een ënnerstëtze sollen, bréngе just extrem zousätzlech Aarbecht."*

*„Et gëtt ëmmer manner Zäit fir ze enseignéieren."*

*„Vill Schüler kréien net gehollef. Wann ee 17 bis 18 schwaach Schüler huet an dobäi e puer Opfälleger, da sinn der eng Rëtsch Schüler, déi ënnerginn."*


*„Parascolaire Evenementer, projets d'établissement an den Image vun der Schoul no baussen si mëttlerweil méi wichteg wéi gutt Schoul halen an anstänneg Coursë ginn."*

*„Iwwerstonnen huelen zou, well Aarbechtskolleege kuerz- a mëttelfristeg krankheetsbedéngt ausfalen an et gëtt awer kee Pool vum Remplaçantë wéi am Fondamental, sou dass et mëttlerweil Usus ass, dass ee permanent Iwwerstonne schaffe muss."*

*„Mat 17 Schüler an enger Klass gëtt ee kengem an iergendenger Form gerecht."*


# 2.2 Beruffswiel/ Weiderempfehle vum Beruff

### 2.2.1 Géift Dir de Beruff ënnert den aktuelle Konditiounen nach eng Kéier wielen?





Dass nach just d'Hallschent vun den Enseignanten de Beruff ënnert den aktuelle Konditiounen nach emol wiele géifen, muss engem ze bedenke ginn. Zemools d'quasi Totalitéit vun de befroten Enseignante gäre Schoul hält.

### 2.2.2 Haalt Dir gäre Schoul?




Ronn 98% vun de befrote Léierpersounen hale gäre Schoul.

### 2.2.3 Géift Dir ënnert den aktuelle Konditiounen engem Jonke roden, de Beruff vum Enseignant ze wielen?




Nëmme ronn 35 % vun de befrote Léierpersoune géifen engem Jonken de Beruff ënnert den aktuelle Konditioune weider recommandéieren. An Zäite vun Enseignantspenurie ass dëse Constat erschreckend.

Et ass gläichzäiteg kloer, dass de Problem net un engem Manktem vu Motivatioun vu Säite vun den Enseignanten ze sichen ass. Vill méi leie strukturell Problemer vir.

Sou hu ronn een Drëttel vun de befrote Persoune schonn driwwer nogeduecht, de Beruff ze wiesselen.

### 2.2.4 Auswäertung vun de Kommentaren

An de Kommentare schreiwen déi meeschten Enseignanten, dass si ëmmer nach gäre Schoul halen, mee si bemängelen, dass d'Konditiounen um Terrain net méi stëmmen. Opgezielt gëtt een Autoritéitsverloscht vun der Institutioun Schoul, een iwwerdriwwenen administrativen a prozeduralen Opwand a feelende Versteesdemech vu politescher Säit fir d'Problemer um Terrain. Suerge mécht och, dass d'Schoulpflicht op 18 Joer eropgesat gouf.

*Zitater:*

*„De Beruff ass u sech nach ëmmer meng Passioun, mee d'Konditioune stëmmen einfach net méi."*

*„Dat eigentlecht Schoulhale réckelt ëmmer méi an den Hannergrond."*

*„Et lauschtert keen de Leit um Terrain no."*


*„Et ass ee konstanten Drock do an dee mécht ee futti."*

*„Ech maache meng eigentlech Aarbecht d'Schoulhale gären. Et ass den Drëmrëm, den ëmmer schlëmmer gëtt."*


# 2.3 Aarbechtskonditiounen a Gesondheet am Beruff

Et muss ee leider feststellen, dass de Beruff staark Auswierkungen op d'Gesondheet huet, an dësen Impakt huet sech an de leschte Jore verstäerkt. D'Enseignante fillen sech belaascht a gestresst, an hunn deelweis och kierperlech Symptomer.

### 2.3.1 Hunn d'Aarbechtskonditiounen en Impakt op Är Gesondheet?





### 2.3.2 Huet den Impakt vum Beruff op Är Gesondheet sech an deene leschte Joer verännert?




### 2.3.3 Auswäertung vun de Kommentaren

*Bei de fräien Äntwerte koumen nach follgend Äntwerten (liicht regroupéiert) dobäi:*




*Zitater:*

*„Den negativen Impakt ass kee vum Beruff, mee vun den Aarbechtskonditiounen am Lycée an den ech affektéiert sinn."*

*„Wann ee reegelméisseg ze héiere kritt 'da muss du deng pedagogesch Kompetenzen iwwerdenken', da schafft dat un engem."*

*„Als Enseignant kënnt ee quasi net méi zur Rou, et kann een net méi ofschalten. Et komme permanent supplementar Tâchen op eis duer, Hëllef kritt een net."*


*„Kee Matsproocherecht, keng Autonomie, awer voll Verantwortung."*

*„Ech hunn d'Gefill, de Schüler net méi gerecht ze ginn."*

*„Virun e puer Joer war ech am Burnout."*

## 2.4 Beruffsbild

### 2.4.1 Wat soll Ärer Meenung no d'Roll vum Enseignant an der Schoul sinn?




D'Enseignante gesi sech virun allem als Wëssensvermëttler, déi d'Schüler.innen zum Denken ureegen, zu opgekläerten a kritesche Bierger erzéien an op de Beruff virbereeden.


Och wann dacks vum Léierpersonal erwaart gëtt, d'Schüler.innen ze erzéien a Konflikter ze managen, gesi si dat manner als hir Aufgab.

### 2.4.2 Wat huet sech zum Gudde geännert, säit Dir Schoul haalt?

Op dës Fro gouf insgesamt 18-mol mat „näischt" geäntwert. Als positiv Verännerunge ginn opgezielt: d'Digitaliséierung, déi diversifiéiert Schouloffer, den Teamgeescht ënnert KollegInnen, d'Ënnerstëtzung duerch SPOS/ SePAS/ PSE an d'Direktioun, d'Infrastruktur vun de Gebaier an d'Erfarung, déi ee selwer iwwert d'Jore kritt.

### 2.4.3 Wat huet sech zum Schlechte geännert an där Zäit?

*Bei de fräien Äntwerte koume follgend Äntwerten (liicht regroupéiert):*




*Zitater:*

*„Et ginn ëmmer méi Problemfäll. Et kënnt een deelweis net méi zum Schoulhalen en tant que tel, well ee permanent iergendwellech Konflikter oder Problemer léise muss. Dat ass net op all Klass de Fall, mee gëtt awer ëmmer méi heefeg."*

*Inklusioun, déi deels net funktionéiert."*

*"Den Enseignant ass ëmmer méi entmëndegt gi vis-à-vis vun den Elteren."*

*"Groussen Drock, ëmmer méi Aarbechtsstonnen déi awer net direkt mam Schüler ze dinn hunn. Situatioun an de Schoulklassen, wou bal all Schüler een Dossier huet a speziell Mesure kritt, a keng Hëllef vu baussen."*

*„Desinteressi, medial Iwwerflutung, falsch verstanen an ëmgesaten Inklusioun."*


*„Mëttlerweil ass iwwert d'Hallschent vun de Schüler, déi an d'Voie de Préparation orientéiert ginn, „élève à besoins spécifiques », wou op mannst ee Kompetenzzenter mat derbäi hëllefe misst,. D'Voie de Préparation ass keng Sonderschule, mee soll engem Jonken d'Ressource ginn, sech op den Aarbechtsmarché kënnen ze preparéiere fir ee Beruff kënnen ze erléieren."*

*„Méi Aufgaben, méi verschidde Profiller, wou ee wéineg Hëllef kritt a wou een net d'Gefill huet, dass een de Schüler nach hëllefe kann, well een ze vill verschidde Profiller do sëtzen huet fir op se all gutt anzegoen. Grousse Problem ass, dass ëmmer méi schwaach Schüler mat engem klore Profil EDIFF (CDI) bei eis an de Klasse vertruede sinn, déi net emol méi dem niddregste Module folge kënnen."*

*„Keng gesellschaftlech Unerkennung méi vum Enseignantsberuff."*

# 2.5 Respekt/ Ënnerstëtzung/ Autoritéit

## 2.5.1 Sidd Dir der Meenung, dass de Beruff vum Enseignant respektéiert gëtt?





## 2.5.2 Auswäertung vun de Kommentaren

Am meeschte respektéiert fillen d'Enseignanten sech an hirem Bekanntekrees, vun hirer Direktioun, hiren Aarbechtskolleg.innen, an awer och vu schoulexterne Spezialist.innen.

Si hunn allerdéngs den Androck, dass an de Medien, der Gesellschaft a vun der Politik virun allem d'Bild vum lidderegen Enseignant mat vill Pai a Vakanz vermëttelt gëtt.

Den Enseignant gesäit sech am Alldag mat ville Virurteeler konfrontéiert.

*Bei de fräien Äntwerte koume follgend Äntwerten (liicht regroupéiert) dobäi:*




*Zitater:*

*„Allgemengt Bild vum Enseignant ass: e schafft net vill, huet vill Congé a verdéngt vill."*


*„Den Enseignant ass oft eng Persoun, déi fir alles, wat net funktionéiert, d'Schold kritt."*

*„Vill Vakanz, gutt Paie, a Schold fir alles, wat net riicht leeft."*

*„Den Enseignant gëtt oft als iwwerbezuelten Vacancier duergestallt an um Terrain kréie mir Oplage vum Ministère, déi eis zwéngen ons Zäit mat iwwerflësseger Bureaucratie ze verschwenden."*

*„Vill fräi, eng déck Pai, mee ech kéint a wéilt et awer net maachen, dee Saz héieren ech ganz oft."*

### 2.5.3 Fillt Dir Iech als Enseignant respektéiert?




### 2.5.4 Auswäertung vun de Kommentaren

*Zitater:*


*„Mir sinn nach ëmmer „just“ déi aus dem Préparatoire a keng Proffen.“*

*„D'VP ass dacks d'Stéifkand an de Lycée'en.“*

*“D'Direktioun ënnerstëtzt eis oft, mee ass awer och machtlos par rapport zu den Decisioune vum Menje. Ech hunn d'Impressioun, dass et net wierklech een interesséiert wat an der Voie de Préparation geschitt, well dat jo ee politesche Brennpunkt kéint sinn.“*

*„Et gëtt um IFEN keng spezifesch Formatioun fir d'Voie de Préparation.“*


## 2.5.5 Wéi schätzt Dir am allgemengen de Respekt virun den Enseignanten an?




*1 = guer net respektéiert, 5 = ganz respektéiert*

### 2.5.5.1 Auswertung vun de Kommentaren (Respekt vun den Elteren virun den Enseignanten)

*Och hei gesinn d'Enseignanten sech mat enger ganzer Rei vu Problemer a Reproche confrontéiert.*




Trotzdeem gesinn d'Enseignanten d'Aarbecht mat den Eltere ganz nuancéiert. Wuel ginn et Elteren, déi iwwergrëffeg sinn, andeems si sech am Toun vergräifen, dem Enseignant fir Villes d'Schold zouweisen a vum Enseignant eng permanent Disponibilitéit verlaangen. Mee et ginn awer och vill Beispiller, wou déi Zesummenaarbecht gutt klappt.

*Zitater:*

*„Bei Problemer mierken ech ëmmer méi, dass d'Elteren hir Kanner net an d'Pflicht huelen, mee ganz schnell géint den Enseignant schéissen."*

*„Bei eis hu mir kaum Schwieregkeete mat Eltere vu Schüler. Et ass leider oft esou, dass Elteren sech net genuch impliziéiere (kënnen) fir hire Kanner schoulesch ze hëllefen. Déi meeschten Zäit sinn d'Eltere frou iwwert eis Aarbecht/Attitude am Klassesall a respektéieren eis dofir."*

*„Ech mengen, dëst hänkt dovun of, a wéi enge Gemengen ee schafft a wéi d'Schüler.inne schaffen."*

*„Vill positiv Erfarungen, awer och e puer ganz negativ Erfarunge bis hin zu Vernennen, Drohungen, Telefon anhänken..."*


### 2.5.5.2 Auswertung vun de Kommentaren (Respekt vun de Schüler.innen virun den Enseignanten)

D'Majoritéit vun den Enseignantë (71,4%) bemängelen eng Degradatioun vum Respekt vis-à-vis vun dem Léierpersonal, och wann natierlech en Deel vun de Schüler.innen net dovu betraff sinn. Wat frappant ass: nieft dem grondleeënden Héiflechkeetsmangel an deels feelende Sozialkompetenzen, huelen insultes graves, physesch Drohungen a Vandalismus zou.

De Mangel un adaptéierte Konsequenze gëtt kritiséiert, d.h. d'Retenue gëtt zum Beispill net eescht geholl an e Renvoi kann eréischt da geschéie, wa Schlëmmeres geschitt, ergo hëlt de Respekt nach méi of.

Eng Partie vun den Enseignantë (19%) gesinn och e Lien tëscht dem Elterenhaus an dem Mangel u Respekt. De System (Umierkung: am cycle inférieur), an dem ënnert anerem Duerchfale quasi onméiglech ginn ass, a feelende Réckhalt vun der Direktioun, gi vu vereenzelten Enseignanten als zousätzlech Faktore genannt, déi d'Situatioun beaflossen.

### 2.5.6 Fillt Dir Iech ënnerstëtzt?





### 2.5.7 Auswertung vun de Kommentaren

Vun den Enseignanten, déi dës Fro beäntwert hu, fille méi wéi d'Hallschent (64%), datt hir Direktiounen net adequat mat Disziplinsproblemer ëmginn. Generell gëtt bemängelt, datt ze laang nogekuckt gëtt, éier Konsequenze gezu ginn. Et feelen deelweis och einfach d'Moyenen an d'Ressourcë fir adequat ze reagéieren.


Des Weidere gëtt et och bei vereenzelten d'Gefill, datt Direktioun Decisiounen am Alleingang hëlt, amplaz den Dialog mam Léierpersonal ze sichen, ënner anerem wann et ëm Klasseverdeelung an Iwwerstonne geet. Et gëtt keng kloer Richtlinnen a keng transparent Kommunikatioun an d'Onzefriddenheet an d'Wuelbefanne vun dem Léierpersonal ginn deementspriechend net genuch consideréiert.

### 2.5.8 Fannen d'Enseignantë mat hire Kriticken a Suggestioune genuch Gehéier bei de politesche Responsabele vum Unterrechtsministère?

*D'Sakale geet vu guer kengem Doilog bis bei de Minister féiert ee konstruktiven Dialog mat den Enseignanten.*




### 2.5.9 Hutt Dir d'Gefill, datt de MENJE d'Problemer an der Voie de préparation richteg aschätzt?




### 2.5.10 Auswäertung vun de Kommentaren

Am grousse Ganze stelle mer fest, datt et eng Diskrepanz gëtt tëscht der Vue vum MENJE an de Leit vum Terrain.


25% vun de Leit bekloen sech, datt d'Voie de Préparation weder ëffentlech nach intern vum MENJE valoriséiert gëtt. D'VP ass jorelaang vernoléissegt ginn zu Gonschte vun akademesche Formatiounen a 'pet projects' vum Minister.

Et koum ni wierklech zu engem reellen Echange tëscht dem MENJE an de Leit um Terrain, wat dozou féiert, dass d'Besoinen um Terrain net consideréiert ginn. D'Klasseneffektiver sinn ze grouss, an et landen och ëmmer méi Schüler mat Besoins spécifiques an der VP, wat d'Aufgab vum Enseignant net méi einfach mécht a si d'Gefill hunn, de Besoine vun de Schüler net kënne gerecht ze ginn. Vill Enseignante fillen sech net forméiert, fir souwuel Wëssensvermëttler, Pedagog, Therapeut oder Psycholog ze sinn.

Am deem Kontext stellen och vill Enseignanten d'Orientatiounsprozedur an d'Critères d'évaluation a Fro, well een um Terrain d'Gefill huet, datt d'VP eng Aart Sammelbecken ass fir Schüler.innen, déi aus verschidde Grënn duerch d'Rastere vum System gefall sinn. A wa se dann an der VP sinn, hu si Ussprécha, wat hir akademesch a beruflech Zieler ubelaangt, déi net mat der Realitéit kompatibel sinn.

An der Praxis kritiséieren och vill Enseignanten de Mangel u Remplaçanten, déi kéinten asprangen, an d'Feelen vun adaptéiertem Unterrechtsmaterialien.


### 2.5.11 Huet den Enseignant Autoritéit vis-à-vis vun den Elteren ?




### 2.5.12 Auswäertung vun de Kommentarer

D'Autoritéit vum Enseignant gëtt virun allem a Fro gestallt, wann d'Erwaardunge vun den Elteren net am Einklang si mat der Aschätzung vum Enseignant. A sou Fäll wëssen d'Elteren och, datt si dat lescht Wuert hunn a sech iwwert déi Aschätzung kënnen ewech setzen. Dëst schwächt d'Autoritéit vum Enseignant, deem dann och deelweis virgeworf gëtt , datt en net am Interêt vum Schüler handelt.

### 2.5.22 Huet den Enseignant am allgemengen Autoritéit bei de Schüler.innen?





### 2.5.23 Auswäertung vun de Kommentaren

Déi allgemeng Reaktioun op dës Fro ass datt Autoritéit nach ëmmer vum Enseignant senge Kompetenzen a senger Relatioun zu de Schüler.innen ofhänkt. Punktuell gëtt awer festgestallt datt et méi erausfuerderend ginn ass, virun allem wann d'Hemmschwell vun de Schüler.inne méi niddreg ass oder d'Eltere keng ënnerstëtzend Roll spillen.

### 2.5.24 Wéi bewäert Dir de pedagogeschen Input vun der Direktioun? Fillt Dir Iech am Fall vun engem Konflikt vun der Direktioun ënnerstëtzt? Ass Är Direktioun fir Iech erreechbar? Kritt Dir am Fall vun enger Fro eng hëllefräich oder léisungsorientéiert Äntwert?

*Bewäert gouf op enger Skala vun 1 bis 5:*
*pedagogeschen Input: 1 = keng Hëllef, 5 = Direktioun ass eng Hëllef um pedagogesche Plang*
*Ënnerstëtzung: 1 = iwwerhaapt net ënnerstëtzt, 5 = staark ënnerstëtzt*
*Erreechbarkeet: 1 = ganz schwéier erreechbar, 5 = ëmmer a liicht ze erreechen*
*Äntwert bei Problemer: 1 = keng Äntwert, 5 = ëmmer a séier eng Äntwert*




### 2.5.28 Auswäertung vun de Kommentaren

D'Direktioune ginn am Allgemengen als éischter ënnerstëtzend erlieft a schneiden däitlech besser an der Ëmfro of wéi de Ministère.

55% vun de Befroten hunn uginn, datt si sech am Fall vu Konflikter gutt bis ganz gutt vun hiren Direktiounen ënnerstëtzt fillen. 23% hunn sech éischter mëttelméisseg ënnerstëtzt gefillt, wärend sech ëmmerhi gutt all 5. Enseignant wéineg (16%) bis guer net (6%) ënnerstëtzt fillt. Festzestellen ass, datt et vun der jeeweileger Direktioun ofhänkt a datt ëmmer déi nämmlecht Direktiounen an der Ëmfro schlecht bewäert goufen an op der anerer Säit ëmmer déi nämmlecht Direktioune ganz gutt bewäert goufen. Dëst hieft ervir, wéi ee positiven an negativen Impakt eng Direktioun op d'Schoulcommunautéit kann hunn.


A punkto Erreechbarkeet hunn déi meescht Direktioune mat 68% eng gutt bis ganz gutt Bewäertung kritt. 22% vun de Befrote goufen un, datt hir Direktioun mëttelméisseg gutt ze erreeche wier, wärend 10% vun de Befrote gesot hunn, datt hir Direktioune schlecht bis guer net erreechbar sinn.

En änlecht Bild ergëtt sech a punkto hëllefräich a léisungsorientéiert Äntwerte vun den Direktiounen, och wann dës hei e bëssi méi schlecht ofschneide wéi a punkto Ënnerstëtzung an Erreechbarkeet.


Insgesamt gi ronn 60% vun de Befroten un, datt si d'Direktioun als hëllefräich am Konflikt mat Elteren empfannen a knapp 57% ginn un, datt si d'Direktioun als Hëllef bei Konflikter mat Schüler empfannen. Éischter positiv bewäert gouf och déi administrativ Aarbecht vun den Direktiounen an hir berodend Funktioun.

Trotzdeem fält och hei rëm op, datt ëmmer erëm déi nämmlecht Direktioune schlecht Bewäertungen erhalen, a vun de Befroten als weit ab vun der Realitéit vum Terrain empfonnt ginn oder souguer als Instanz, déi si just kontrolléiert a virun där si sech rechtfertege mussen.

### 2.5.29 Wéi gesitt/ erlieft Dir Är Direktioun?





### 2.5.30 Wéi gesitt/ erlieft Dir de Menje?




# 3. Inclusioun

### 3.1 Hutt Dir d'Gefill, datt d'Inclusioun an de Schoulen zu Lëtzebuerg gutt ëmgesat gouf?





### 3.2 Hutt Dir d'Gefill, datt den aktuelle Modell vun der Inclusioun alle Schuler.inne gerecht gëtt?





*1 = nee, 5 = jo*

### 3.3 Hutt Dir déi néideg Ressourcen an der Schoul, fir datt d'Inclusioun gelénge kann?




*1 = nee, 5 = jo*


### 3.4 Hutt Dir perséinlech d'Gefill, dass Iech am Moment d'Inclusioun an Ärer Klass gutt geléngt?





*1 = nee, 5 = jo*

De Constat ass erschreckend an dës Äntwerten decke sech mat deem, wat reegelméisseg un eis erugedroe gëtt. Et ass *per se* keen Enseignant géint d'Inclusioun. Mee sou, wéi se am Moment um Terrain ëmgesat gëtt, empfënnt ee groussen Deel vun den Enseignanten se als een Echec. Et feelen déi néideg Ressourcë, fir den diversen Ufuerderungen an der Klass gerecht ze ginn. D'Prozedure, fir Hëllef ze kréie, sinn immens schwéierfälleg an dauere laang. Dobäi ass net garantéiert, dass een dann eng konkret Hëllef um Terrain kritt.

### 3.5 Wou stousst Dir op oppen Oueren, wann Dir Problemer bei der Inclusioun uschwätzt?




### 3.6 Wéien/g Acteur/en empfannt Dir als eng grouss Hëllef bei der Ëmsetzung vun der Inclusioun?



Dës Resultater weise ganz kloer, dass déi befroten Enseignanten sech am meeschte verstanen an am beschten ënnerstëtzt fille vun deene Leit, déi all Dag mat hinnen um Terrain sinn: vun hire Kolleeg.innen, der Ekipp Eseb, dem Sepas an der Direktioun. Virun allem de Menje kënnt bei dëse Froe ganz schlecht ewech.

Dat weist nach emol ganz kloer déi Klufft tëscht de politeschen Decideuren an den Enseignanten, déi Mesuren um Terrain ëmsetze mussen. D'Enseignanten hunn d'Gefill, dass Decisiounen iwwert hir Käpp ewech vu Leit geholl ginn, déi wäit ewech vum Terrain sinn an d'Realitéit an de Schoulen net kennen. Op d'Expertise vun den Enseignantë gëtt wéineg gelauschtert.

### 3.7 Iwwert wat fir e Wee konnt Dir, respektiv géingt Dir probéieren, Är Virschléi ëmsetzen ze loossen?




## Den SEW/OGBL seet villmools Merci fir Är wäertvoll Mathëllef

Déi meescht Befrote soten hei Merci fir d'Ëmfro an d'Geleeënheet hir Meenung auszedrécken. Insgesamt weist sech hei nach eemol dat vill Enseignanten aus der VP d'Gefill hunn, dass hir Schoulform wéineg bis guer keng Opmierksamkeet kritt.